déi Konservativ

Pressematdeelung

24.11.2017

Fir den Erhalt vun der Gesellschaftsethik: Et gi just zwou Geschlechtsidentitéiten!

D'Partei **déi Konservativ** stellt mat Skepsis a Kritik fest, datt sech de Regierungsrot den 12. Mee 2017 mat enger gender-politescher Fro chargéiert huet, fir iwwert d'Aféierung vun engem drëtte Geschlecht am Etat Civil no ze denken, a sech, geméis ganz ëmstriddene Resolutioune vum Europarot, un der Iddi vun enger méi "breeder Offer u Gechlechter" an der Gesellschaftspolitik ze bedeelegen.

Nieft de Naturgeschlechter "Männlech" a "Weiblech", soll elo och an Zukunft e konstruéiert Geschlecht "Positiv" an de Gesellschaftskodex geruff ginn, wou sech Jidderee säi Geschlecht op Pabeier auswiele kann. Och Terminologien ewéi "Geschlecht X" oder "Geschlecht onspezifesch" oder aner/méi Geschlechtsformen, si geméis der Gendertheorie am Ëmlaf, a sollen d'Akzeptanz an d'Toleranz vun Intersexualitéit reclaméieren.

Déi Konservativ sinn der Meenung, datt déi ideologesch Fuerderung, d'Gesellschaftethik a Fro stellt an op d'Kopp gehäit, a just nei Diskriminéierunge schaaft. Als Partei triede mir fir d'Geschlechtsidentitéit Mann a Fra an, a positionéieren eis och mat liberal-konservativem Grondsaz, gäre fir d'Fräiheet an d'Privatsphär an der Sexualitéit tëscht zwee Erwuëssenen. Alles wat awer d'Definitioun vun der Geschlechtisdentitéit a Fro stellt an iwwert d'Grenze geet, ass selwer a Fro ze stellen!

Mir sinn als Partei géint déi neimoudesch a pseudowëssenschaftlech Gendertheorie, hir Iddien, Konzepter an Ziiler. Net alles wat modern a progressiv schéngt, ass onbedéngt noutwenneg oder förderlech. Fir eis ass d'Dokterei um Gesellschaftskonzept keng Iddi! Mir sinn iwwerzeegt, datt d'Prioritéiten an d'Noutwennegkeeten an enger besserer Familljepolitik leien.

gezeechent,

déi Konservativ